N°2150
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Tourismus & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Digital Plattforme wou een eng Wunnecht fir d'Vakanz loune kann, sinn an de leschte 5 Joer exponentiell gewuess. Besonnesch Plattforme wou privat Leit ouni gréisseren Opwand Leit hebergéiere kënne si mat der Plattform Airbnb immens populär ginn. 2023 sinn iwwert esou Plattforme bal 719 Milliounen Nuechten an der Europäescher Unioun gebucht ginn. 2022 waren et der 597 Milliounen, 2021 364 Milliounen.
Esou eng Popularitéit bréngt leider oft och Gefore mat sech. Esou ginn et laut enger Etude vun Airbnb a Groussbritannie besonnesch oft Kreditkaartebedruch, Phishing an och falsch Annoncen (zum Beispill mat KI-generéierte Fotoen déi net der Realitéit entspriechen) vun den Affer als heefegst negativ Erfarunge genannt.
Och zu Lëtzebuerg ginn et laut eisen Informatioune bei der Police zum Beispill ëmmer méi Fäll, wou eidel Haiser ouni Autorisatioun a besonnesch vu Leit deenen déi betraffen Haiser net gehéieren ugebueden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vu Bedruch a passend Plainten si bei der Police am Kader vun den uewe genannte Plattformen an de leschte 5 Joer (pro Joer opgelëscht) enregistréiert ginn?
2. Wéi eng verschidden Aarte vu Bedruch ginn an dësem Kontext enregistréiert?
3. Plangt de Ministère hei verstäerkt op d'Geforen hinzeweisen?
4. Plangt de Ministère an dësem Kontext Entrevuen, zum Beispill mam Konsumenteschutz oder mat den Assurancen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten